N°2584
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De perséinlechen Auto ass a bleift immens wichteg hei am Land am Beräich vun der Mobilitéit. Nieft dem klassesche Verbrenner ginn ëmmer méi Elektroautoen hei am Land verkaf. Fir dës Elektroautoe musse méi Luetstatioune geschaf ginn, grad am ëffentleche Raum. Fir dës Luetstatioune kënnen ze notzen, mussen d'Parkplaze fir E-Autoen dru gekoppelt ginn.

Den deemolegen Energieminister hat op meng Fro n°7246 geäntwert, dass d'Parkplaze fir Luetstatiounen an der Reegel méi breet wéi normal Parkplaze wieren. A menger Fro n°7246 hat ech schonns drop opmierksam gemaach, dass Persounen am Rollstull oft net un d'Displaye vun de Luetstatioun dru kommen an den Auto soumadder net luede kënnen.

Hei am Land beschreiwen awer eng ganz Rëtsch Leit mat ageschränkter Mobilitéit, dass vill vun de Parkplazen net fir si accessibel sinn, well beim Rausklamme keng Plaz fir de Rollstull do ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Existéiere speziell Parkplaze fir Elektroautoe fir Leit mat enger Beanträchtegung? Falls nee, firwat net?

2. Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir een Elektroauto hunn?

3. Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir Persounen mat enger Beanträchtegung (Handicap) hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°2584
Entrée le 04.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n 2584 vum 8. Juli 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer Parkplaze fir Elektroautoen a fir Persoune mat enger Beanträchtegung (Handicap).

*Fro 1: Existéiere speziell Parkplaze fir Elektroautoe fir Leit mat enger Beanträchtegung? Falls nee, firwat net?*

Fir d'Verständnis vun der Äntwert sief drop higewisen, dass ënnert „Parkplaze fir Elektroautoen" Plaze verstane ginn, déi mat enger Opluedinfrastruktur ausgestatt sinn, wou Gefierer iwwer e Luedkabel un eng Stroumquell (Elektroborne) ugeschloss ginn.

D'groussherzoglecht Reglement vum 8. Februar 2023 iwwert d'Accessibilitéit vun ëffentleche Plazen a Stroossen (Artikel 4 an 33) definéiert kloer d'Norme fir Parkplazen, déi fir Persoune mat enger Beanträchtegung virgesi sinn ("Règlement grand-ducal du 8 février 2023 relatif à l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public et des voies publiques"). D'Legislatioun selwer gesäit zwar keng explizit Kombinatioun vu béide Charakteristiken – also Handicap an Elektromobilitéit – vir, mee et besteet d'Méiglechkeet, dass déi zoustänneg Autoritéiten (d'Gemengen inneruerts oder de Staat ausseruerts) esou Parkplazen esou reglementéieren, dass se nëmme vun Elektroautoe vu Leit mat enger Beanträchtegung benotzt dierfe ginn.

Dëst kéint z. B. geschéien duerch en entspriechend Stationéierungsverbuet, dat mat zwou Zousaztafelen ergänzt gëtt – eng fir Elektrogefierer an eng fir Persoune mat enger Beanträchtegung. Domat kéint eng Parkplaz exklusiv fir Elektroautoen fir Leit mat enger Beanträchtegung reservéiert ginn.

*Fro 2: Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir een Elektroauto hunn?*

Aktuell gëtt et keng reglementéiert Minimalbreet vu Parkplaze fir Elektroautoen. Bei Infrastrukturprojeten, déi vun der Stroossebauverwaltung ëmgesat ginn, ginn esou Parkplazen därzäit mat enger Breet vun 2,50 Meter ugeluecht, wat dem Standard vu gewéinleche Parkplazen entsprécht.

*Fro 3: Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir Persounen mat enger Beanträchtegung (Handicap) hunn?*

D'Minimalbreet vun enger Parkplaz fir Persoune mat enger Beanträchtegung ass an den Artikele 4 respektiv 33 vum genannte groussherzogleche Reglement definéiert:

*Art. 4. Stationnement automobile :*

*« (2) … La largeur minimale des places adaptées est de 350 cm. Elle se compose de l'emplacement de stationnement d'au moins 230 cm et de l'aire de transfert d'au moins 120 cm. En présence de plus de trois places adaptées, l'aire de transfert peut être commune à deux places adaptées adjacentes. Dans ce cas, la largeur minimale de l'aire de transfert est de 150 cm et l'aire de transfert est signalée par un marquage spécifique sur toute la surface. L'aire de transfert se situe en dehors du cheminement et de la circulation. … »*

*Art. 33. Bandes de stationnement et places de parcage :*

*« (1) Les bandes de stationnement réservées aux personnes handicapées ont une longueur supérieure ou égale à 500 cm et une largeur supérieure ou égale à 200 cm. À cet espace s'ajoute à l'arrière de l'emplacement, un espace de transfert de 250 cm de long et de large. … »*

*« (2) La bande de stationnement réservée aux personnes handicapées a une largeur de 250 cm si la largeur restante du trottoir est supérieure ou égale à 150 cm. … »*

Luxembourg, le 1 août 2025

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes